

Lëtzebuerg, de 14. Juli 2022

Här Fernand ETGEN
Chamberspräsident
LËTZEBUERG



DEMOKRATESCH
PARTEI

Chambre des Députés
Groupe Parlementaire

Här President,

Esou ewéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, bieten ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Inneminister weiderzeleeden:

„Viru genee engem Joer stounge vill Stéit, Geschäfte a Gemengen uechtert Land virun dem nämmlechte Leed. D'Konsequenz vun aussergewöhnlech staarkem an undauerndem Reen war: Chaos am ganze Land; Flëss a Baachen, déi Stroossen a Platzen iwwerschwemmt hunn; net just Kellere mee ganz Haiser, déi bis den 1. Stack ënner Waasser stoungen; Existenzen, déi zerstéiert gi sinn.

An och ëffentlech Infrastrukturen an de Gemenge goufe schro vum Joerhonnerthéichwaasser getraff.

D'Héichwaasser vum 14. a 15. Juli 2021 ass vun der Regierung als «catastrophe et calamité naturelle» deklariert ginn. Doduerch konnt eng finanziell Hëllef vun 100 Milliounen Euro fir betraffe Stéit, Geschäfte a Gemengen deblockéiert ginn.

An deem Kader wollt ech der Madamm Inneminister folgend Froe stellen:

- Wéi vill Gemengen hu vum «Formulaire intempéries» gebrauch gemaach ? Sinn entretemps d'Dossieren déi vun de Gemengen un den Inneministère erageschéckt goufen all komplett oder muss nach Dokumentatioun nogereecht ginn?*

9, rue du St. Esprit
B.P. 510
L-2015 Luxembourg

Tel. : 22 41 84 1
Fax : 47 10 07

dp@dp.lu
www.dp.lu

- *Huet d'Madamm Minister genee Zuelen, wéi héich am Ganzen d'Schied sinn, déi den Inneministère vun de Gemenge gemellt krut?*
- *Wéi vill vun de geplangten 100 Milliounen Euro kommen de Gemengen ze gutt?*
- *Kann d'Madamm Minister eis soen, wéini a wéi vill Gelder schonn un déi jeeweileg Gemengen ausbezueelt gi sinn? Wéi vill Hëllefsgelder si bis elo nach net un d'Gemengen ausbezueelt ginn a wäerten nach ausbezueelt ginn ?
Kënnen di sinistréiert Gemengen och an de kommende Joren nach op di finanziell an administrativ Ënnerstëtzung vum Inneministère bei de Konsequenze vum Héichwaasser zielen?*

Mat déiwem Respekt,



Carole HARTMANN
Deputéiert



Äntwert vun der Madamm Inneministesch, Taina Bofferding, op d'parlamentaresch Fro n°6492 vun der honorabeller Deputéiert Carole Hartmann zum Sujet "Inondations de 2021"

Bis den 3. August 2022 hu 36 Gemengen an 3 Gemengesyndikater vum «Formulaire intempéries» gebrauch gemaach. De Gesamtschued vun dësen Demandë gëtt op ongeféier 23 Milliounen € geschat. De Gesamtmontant deen dem Gemengesecteur wäert zegutt kommen, hänkt vun de Fraisen of déi net éligibel sinn. Fir éligibel ze sinn, mussen déi ugefroten Entschiedegunge Propriétéite vun de betraffene Gemengen oder Gemengesyndikater concernéieren, fir déi d'Fraise weder vun der Assurance iwverholl ginn, nach vun anere staatlechen Entitéiten.

12 Demandë konnte bis ewell clôturéiert ginn. Den déclaréierte Schued vun dësen 12 Demandë beleeft sech op 406.000 €. Den Inneministère huet de concernéierte Gemengen 373.000 € (92%) iwverwisen. 27.000 € si vun der Assurance iwverholl ginn, während 6.000 € aus engem anere Grond net éligibel waren.

Zousätzlech zu de clôturéierten Demandë kruten 2 Gemengen, déi e Schued vu 17 Milliounen € déclaréiert hunn, Avancen an Héicht vun 2,4 Milliounen € iwverwisen. Dëst sinn d'Gemengen lechternach a Rouspert-Mompech.

D'Demandë vun 22 Gemengen an 3 Syndikater konnte nach net clôturéiert ginn, well se net komplett sinn (an de meeschte Fäll feele Rechnungen).

Och an Zukunft wäerte sinistréiert Gemengen am Fall vun engem Héichwaasser op d'Ënnerstëtzung vum Inneministère kënnen zielen, dëst awer ënnert der Bedingung, dass dat Héichwaasser dee Moment vun der Regierung als Naturkatastroph déclaréiert gëtt (wéi dat och de Juli 2021 de Fall war) an dass déi betraffe Gemenge bannent engem virgeschriwwenen Délai eng Demande de Remboursement beim Inneministère areechen.

Lëtzebuerg, den 16/08/2022.
D'Inneministesch
(s.) Taina Bfferding